



N° 6597
Entrée le 02.08.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 02.08.2022

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staats- a Medieminister souwéi d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nummer 6442 vun där honorabeler Deputéierte Madamm Diane Aehm schreift d'Regierung, datt sech d'Zuel vun de Plaze vu Leit déi ënnert dem Statut vum Presseattaché fir d'Regierung schaffen sech aktuell op 53,5 beleeft. Am Zäitraum vun 2012 bis 2022 ass d'Zuel vun dese Plazen op verschidde Ministèren och an d'Luucht gaangen, awer néierens sou staark wéi um Ëmweltministère, wou ronn véier nei Posten entstane sinn. Dobäi kommen dräi nei Posten an der Ëmweltverwaltung.

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Fro stellen:

- 1) Kann d'Regierung matdeelen, wéi sech deen iwwerproportionalen Ustig vun deene genannte Posten speziell am Ëmweltberäich erkläert? Fir wéi eng Aufgabe sinn déi Leit verantwortlech, déi op deem nämmechte Posten an anere Ministèren, respektiv Verwaltungen net ufalen?

Mat déiwem Respekt,



Roy Reding
Deputéierten



Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°6597 vum 2. August 2022 vun dem éierwäerten Deputéierten Roy Reding iwwert "Attachés de presse du Ministère de l'environnement, du climat et du développement durable"

An der Äntwert op déi parlamentaresch Fro n° 6442 vum 2te Juli 2022 vun der honorabeler Deputéiert Diane ADEHM, gouf uginn dass de Ministère a seng 3 Verwaltungen säit 2012 7 Leit am Beräich vun der Kommunikatioun agestallt huet. Op en éischte Bléck kéint ee mengen, do wäeren elo 7 Leit an deem Beräich bäikomm. Dëst ass awer net esou, ewéi de Bilan, an ETP (emploi temps plein) ausgedréckt, deen och Fortgäng berücksichtegt, weist. Déi eenzel Leit befaassen sech net all exklusiv matt typeschen Attaché de presse Aufgaben:

	2012	2013	2015	2018- 2019	2020- 2021	2022*
MECCD	0,0	1,0	1,0	1,0	2,5	2,8
AEV	0,0	0,0	1,0	1,0	1,0	0,9
AGE**	0,0	0,0	0,0	0,0	0,5	0,5
ANF**	0,0	0,0	0,0	0,0	0,0	0,0
Total	0,0	1,0	2,0	2,0	4,0	4,2

* um 8. August 2022

** hei ginn déi Aufgaben niewebäi matt erleedegt, ouni datt dat spezifesch enger Persoun hir Aufgab wär.

Uni ze wëssen, wéi vill Leit sech an den aneren genannten Ministère an hiren Verwaltungen virun 2012 schon mat Kommunikatiounsaufgaben befasst hunn, kann een aus den Zuelen nëmmen vun 2012-2022 net schléissen, dass a mengem Ministère a mengen Verwaltungen iwwerproportional vill Leit an der Kommunikatioun agestallt gi wäeren, well mir haten 2012 jo nach guer keng Persoun fir déi Saachen. Well ech net weess, mat wat sech d'Mataarbechter an deenen aneren Ministère beschäftegen, kann ech näischt derzou soen, ob meng Mataarbechter aner Voleten vun der Kommunikatioun ewéi d'Mataarbechter an deenen aneren Ministère an Verwaltungen couvréieren.

D'Aufgaben am Ëmweltberäich an an der Kommunikatioun ginn allemol ëmmer méi an ëmmer méi villfälteg a komplex an et ass wichteg, dass se adequat kommunizéiert ginn, notament wéinst der Urgence climatique, der Biodiversitéitskris an der Pollutiounsproblematik. Dass et fir d'Sujeten aus mengem Aufgabeberäich vill ëffentlechen Intressi an domadder och e groussen Kommunikatiounsbesoin gëtt, weist jo och déi héich Unzuel vun parlamentareschen Ufroen, déi mir gestallt ginn.

Lëtzebuerg, den 10. August 2022
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung